N° 7186
Entrée le 15.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.11.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 15. November 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Digitalminister, d'Madamm Ëmweltminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Klimapolitik gëtt dacks d'Digitaliséierung als Méiglechkeet genannt, fir CO2 anzespueren.

An deem Sënn géif e mir der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill CO2-Emissiounen duerch d'Digitaliséierung vu Verwaltungsvirgäng vu Staat a Gemengen säit 2013 all Joers ënnert der Berécksichtegung vu méigleche groen Energien, zum Beispill fir d'Installatioun vun neie Server Locations, netto agespuert goufen a wéi dës Aspuerungen sech op déi eenzel Entitéiten (Ministèren, Verwaltungen, ëffentlech Etablissementer asw.) verdeelen? Kann d'Regierung preziséieren, bis wéini déi Prozesser, déi bis ewell keen Nettoaspuereffekt vun CO2-Emissiounen erginn hunn, sech an deem Sënn sollen amortiséieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

N° 7186
Entrée le 14.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

Äntwert vum Delegéierte Minister fir Digitaliséierung a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7186 vum 15. November 2022 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser an vum Här Deputéierten Fred Keup.

Digitaliséierung vu Verwaltungsvirgäng vu Staat a Gemengen ass villfälteg a spillt sech op ville Pläng of. Opgrond vun Envergure an Diversitéit u Virgäng, gëtt et keng eendeiteg Definitioun, respektiv statistesch Ofgrenzung, déi et giff erlaben, esou e Relevé z'erfaassen.
Well et kee Relevé gëtt, dee virweise kann, wéi vill CO2-Emissiounen duerch d'Digitaliséierung vu Verwaltungsvirgäng vu Staat a Gemengen netto agespuert goufen, ass et och net méiglech ze präziséieren, iwwert wéi een Zäitraum sech entspriechend Prozesser giffen amortiséieren.

Lëtzebuerg, den 14/12/2022.

Den Delgéierte Minister fir Digitaliséierung

(s.) Marc Hansen